



Dem LJBM seng 10 iPad-Gesetzer



1. **Ech passe ganz gutt op mäin iPad, de Pencil an op d'Tastatur op**, souwuel an der Schoul ewéi och doheem. Ech verléiere meng Accessoires net. Ech suergen dofir, datt alles technesch an der Rei ass an ech gutt domat schaffe kann.
2. **Ech si responsabel fir alles**, wat domat passéiert. Ech benotzen en net fir illegal Aktivitéiten. **Ech respektéieren d'one2one-Charta an dës Reegelen**. Bei Feelverhale kann ech bestrooft ginn.
3. **Ech vergiesse meng Usernimm a Passwierder** fir déi verschidden Déngschter (IAM, Office365, Managed (Schoul-) AppleID, Eduroam etc.) **net**. Ech eleng sinn zoustänneg fir meng perséinlech Apple-ID a mäin Usage dovunner (nëmmen 2e a 1re), bei Feelverhale kann ech den Zougang mat privater Apple ID ewechgeholl kréien.
4. **Mäin iPad ass all Moie fir 8:15 Auer voll gelueden** a prett fir d'Aarbecht. Wann ech d'Luede vergiess hunn, notzen ech den Opluedservice an der Bibliothéik (w.e.g. mam iPad a mat der myCard beim Här Leurs mellen). Ech maachen ëmmer sou schnell wéi méiglech meng **Updates vum iPadOS**.
5. Wann ech an der Schoul sinn, **benotzen ech den iPad just am Kllassesall** oder an der Bibliothéik (CDI just no 14:20 Auer, net während der Mëttesstonn). Ech benotzen en net am Gewulls um Gank, net an der Cafeteria an net am Schoulrestaurant.
6. **Ech benotzen am Cours just déi Apps an Internet-Säiten**, déi mäi Proff gesot huet (kee Facebook, kee Youtube oder Internetspiller am Hannergrond etc). Ech benotzen d'Netz "ljbm-one2one", wa mäi Proff mam Apple Classroom schafft.
7. Ech **installéieren selwer keng Apps** a läschen och keng (7e bis 3e inklusiv). Och duerno ass **d'Schoulsoftware méi wichteg** ewéi meng privat Applikatiounen (Spiller etc.).
8. **Ech filmen a fotograféieren näischt**, zou deem ech net berechtigt sinn, an ech verbreed Fotoen a Filmer och net virun. Ech respektéieren d'Rechter um Bild.
9. Ech **passen och gutt op meng Donnéeën op** a späichere méiglechst alles an der Cloud um OneDrive.
10. **Tëscht de Stonne läit den iPad am Rucksak**. Am Ufank vun der Stonn ass en zougeklappt op der Bänk. Ech muss net um Ufank vun all Stonn opgefuerdert ginn, mäin iPad auszemaachen an ewechzeleeën, wann net domat geschafft gött.